Mediensplitter

# Kënschtlech Intelligenz géint d'Intelligenz vu Kënschtler*innen?

Enn November huet d'KI vu Google – *DeepMind* – ongeféier véierhonnertdausend nei, stabel, materiell Substanze syntheetiséiert, déi, wéi *Nature* attestéiert: „promise to dramatically accelerate the discovery of materials for clean-energy technologies."[1] Dat schéngt hoffnungsvoll, ass et awer net. KI huet d'Tendenz, ze halluzinéieren. Dat heescht, Endresultater ze präsentéieren, déi, einfach gesot: kee Sënn maachen. D'Narrative änelt dem, wat mer an der Literatur *Unreliable Narrator* nennen. Eng generell Skepsis géigeniwwer dem*r Erzieler*in existéiert an ob mir dësem*r gleewen, respektiv ob dësen*t iwwerhaapt d'Wourecht seet, ass d'paranoid Bezéiung, déi mir als Lieser géigeniwwer dem*r Erzieler*in aginn.

Verschount vun dësem onzouverlässegen Optimismus bleift de Literaturmarché och net. Säit *ChatGPT* op Kommando d'Gedankegutt vu jidderengem iergendwéi op Pabeier (respektiv op Ecran) bréngt, ënnerläit dem Liese vun Texter e batteren Nogeschmaach. Esou huet d'*Clarkesworld,* eng vun deene gréisste Sci-Fi a Fantasy Zäitschrëften, ufanks vum Joer missen hir Diere fir nei Geschichten zoumaachen, vue dass d'Majoritéit vun den neien Areechungen vun enger KI produzéiert ginn ass.[2] Dat ass u sech selwer scho Science Fiction. Wa Schrëftsteller*innen hir eege Geschichten net méi schreiwen, grenzt dat u literaresch Dystopie.

Mä, an all Dystopie hu mer och: Fräiheetskämpfer*innen an Iwwerliewender, déi sech géint den Zoustand vun der Welt wieren. Eng Rëtsch vun etabléierte Schrëftsteller*innen äusseren sech explizitt géint d'KI. Esou huet déi amerikanesch *Authors Guild* en oppene Bréif publizéiert, déi di grouss KI-Firmen, wéi *OpenAI* a *Meta,* dozou opfuerdert, hir Texter net hire Modellen ze fidderen.[3] Ënnert anerem sinn Nimm wéi den Dan Brown an d'Margaret Atwood vertrueden.

Lëtzebuerg, anersäits, mécht sengem Numm als Insel awer all Éier. Wärend an der Literaturgeschicht mat Krämpes versicht gëtt, dem Stigma vu stilistescher a formeller Verspéidung an der lokaler Literatur entgéintzewierken, léisst de Literaturmarché sech vu veraalten, neo-liberale Welle matzéien. D'Thema vun de *Walfer Bicherdeeg* „D'Welt zielen, d'Welt liesen," – en offensichtlecht oppent Thema – gouf awer esou interpretéiert, wéi wann d'KI d'Zukunft wier. Niewent der KI-generéierter Visualisatioun, gemaach vum Eric Schockmel, huet de Misch Strotz, CEO vun *Neon Marketing,* Donneschdeg owes bei der Buchpräis Iwwerreechung versicht, den Dram vu KI an Literatur ze verbannen. Leider weist dat awer och d'Diskrepanz tëschent Schrëftsteller*innen an dem Marché. De facto ass de Versuch, KI um Literaturmarché zu Lëtzebuerg ze pushen, en däitleche Statement, dass d'Produktioun vu Literatur iwwert Substanz läit.

**Cosimo Suglia**

1 http://tinyurl.com/KI-Goo (fir d'lescht opgeruff den 20. Dezember 2023)

2 http://tinyurl.com/Scifi-KI

3 http://tinyurl.com/AI-Leader

**forum**
für Politik, Gesellschaft und Kultur

Gegründet: 1976
Herausgeber: forum ASBL
Durchschnittliche Auflage: 1.700 Exemplare
6 Ausgaben im Jahr
ISSN 1680-2322

**Ständige Mitarbeiter*innen**
Thomas Köhl, Pierre Lorang, Michel Pauly, Anne Schaaf, Yves Steichen, Petra Stober, Viviane Thill, Raymond Weber

**Koordination**
Naomi Berrend
Philippe Reuter
Françoise Stoll

**Sekretariat & Anzeigen**
Ute Hoffmann

**Autor*innen dieser Ausgabe**
Myriam Abaied, Juan Aguilar, Pierre Balthasar, Naomi Berrend, Norbert Campagna, Ana Correia Da Veiga, Fernand Fehlen, Mirlene Fonseca, Esin Gizem Göksoy, Dalila Kamunga, Caroline Lentz, Frédéric Mertz, Sonia Neves, Jean-Paul Nicolay, Pit Panther, Michel Pauly, Nora Schleich, Ambre Schulz, Cosimo Suglia, Anina Valle Thiele, Jean-Marie Weber, Frank Wies

**Alle Karikaturen**
© Carlo Schmitz

**Layout**
Bakform

**Druck**
Imprimerie Heintz, Pétange

Namentlich gezeichnete Artikel geben nicht unbedingt die Meinung der Redaktion wieder. Nachdruck und elektronische Verbreitung von *forum*-Beiträgen nur mit ausdrücklicher Genehmigung. © 2024 by forum ASBL

**Bezugspreise**

| | |
|---|---|
| Einzelheft | 7 € |
| Jahresabonnement | 36 € |
| Jahresabonnement im Ausland | 48 € |
| Geschenkabonnement | 25 € |
| Abo 27 und Arbeitslosenabonnement | 25 € |

Abo abschließen unter www.forum.lu/abo-angebote oder durch Überweisung auf das *forum*-Postscheckkonto
IBAN LU83 1111 0611 5444 0000 | BIC: CCPLLULL
mit dem Vermerk „Neuabo ab (Monat)"
und vollständiger Adresse.

**1, rue Mohrfels, L-2158 Luxembourg**
**Tel.: 42 44 88 (Montag bis Freitag, 9-12 und 14-17 Uhr)**
**E-Mail: forum@pt.lu | www.forum.lu | Twitter: @forum_lu**
**Facebook: @forum.Luxemburg**
**Instagram: @forum_lu**